**Weltmeeschterschaft fir Natiounen zu Aragon a Spuenien**

*Bericht vum Sekretär Fernand Schmitt vum 04.09.2023 (2. Dag)*

Gudden Owend Iech all doheem.



Haut haten mer dann eisen éischten Training. D' Endbox am Secteur "E". Et sollt an sech ëm déi 5,50 bis 6,00 m déiwe Waasser sinn. Majo, 3,50 m méi haten mer net. Zu der rietser Säit allerdéngs war Déift schonn 5,50 Meter.

D' Fëscherei war schonn fir den éischten Dag mei wéi ustrengend. D' Loft bis 50 km/h mat allerdéngs Raffalen déi Zäitweis richteg stramm waren.

Gewiichter waren éischter ernüchternd an louchen zwëschent 3 an 5,5 kg. Déi meeschten Fësch hu mer an sech nach gefaang mam Blénkert, "Ablette de montagne" hei genannt. Exemplaren bis 60 Gramm. Duerch d' Loft hunn déi meeschten Natiounen alleguer dunn ob der kuerzer Bunn gefëscht.



Egal, d' Sonn schéngt, d' Wieder ass gutt. D' Stëmmung tipptopp. An muer ass een aneren Dag. Muer setzen mer zu Mequinenza am A2. Eis franséisch Kolleegen souzen haut do an hunn Gewiichter bis 13 kg gefaang. Haaptsächlech Plaquetten an awer och vill Blénkerten.

Infoen déi ronderëm ginn sinn mol déi, dass zu Mequinenza en Samschden an e Sonnden Gewiichter bis 25 kg gefaangen ginn. An zu Fayon sollen Gewiichter bis 35 kg goen.

Dann loosse mer mol hoffen dass dat dann och esou ass. Waasser ass masseg hei an Fësch géifen mer mengen och.
Sou elo schléissen ech mäin haitegen Bericht of mat engem schéinen Bonjour un Iech doheem.







